N°6190
Reçue le 13.05.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 13.05.2022

LSAP

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2022

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Am *Plan national de la mobilité 2035,* deen de Minister den 22. Abrëll 2022 virgestallt huet, gëtt tëschent engem *Contournement classique* an engem *Contournement de proximité* differenzéiert. Ëm Leschteres handelt et sech deemno dann, wann de Contournement un all Kräizung d'Stroosse matenee verbënnt. E puer Säite weider gëtt dann de Käerjenger Contournement als Beispill fir esou ee *Contournement de proximité* genannt. Woubäi hei awer ebe keen Uschloss mam CR110 virgesinn ass, mee eng Bréck. Dat entsprécht dann awer éischter engem klasseschen Contournement.

Vu dass et ugeduecht ass, dass de *Contournement de proximité* eng Verkéiersberouegung an d'Lokalitéite soll bréngen a souwuel dem ëffentlechen Transport wéi dem Vëlo eng Prioritéit zougeschwat gëtt, wär dës nei Variant eng ganz nei Approche an se entsprécht net deem Contournement, deen an der Prozedur ass.

An deem Zesummenhang wëll ech dem Här Minister dës Froe stellen:

- Zanter wéini ass den Dossier vum Käerjenger Contournement an deem Sënn geännert ginn?
- Wéi eng Krittären loossen et zou, dass an dësem Fall vun engem *Contournement de proximité* ka geschwat ginn?
- Misste net verschidden Etuden a Prozeduren deem Rechnung droen an adaptéiert ginn (EIE, Presentatioun fir d'Bierger, ...)?

Mat déiwem Respekt,

Simone Asselborn-Bintz
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu